MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zu engem Projet de loi, dee mer haut de Mëtteg sollten um Ordre du jour hunn, mä vu wat mer virdrun décidéiert hunn a vu d'Presenz vun de Ministeren, huele mer dee Projet de loi iwwert de Code du Travail elo un d'Rei. Ech denken, dass mer mat der Diskussioun kënne virun der Mëttespaus fäerdeg ginn. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Spautz.

7. 5346/5420 - Projet de loi portant introduction d'un Code du Travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Marc Spautz *(CSV), rapporteur.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës zwee Gesetzestexter, déi mer elo haut ofstëmmen, hunn eng ganz besonnesch Bedeitung: Si sollen d'Aarbechtsrecht, dat sech iwwert d'Joren zu engem ëmmer méi onduerchschaubare Gewulls vu Gesetzer, groussherzogleche Reglementer a ministeriellen Arrêten entwéckelt huet, méi zougänglech maachen. D'Inflatioun vun deenen Texter souwéi och déi legislativ Änerunge maachen, dass dës Gesetzgebung ëmmer méi schwiereg ze handhaben ass, besonnesch fir all déi Leit, déi dagdeeglech domat ze dinn hunn: d'Delegéierten an de Betriber respektiv all déi Leit, déi an de Ressources humaines schaffen.

Eng adequat Uwendung vum Gesetz verlaangt eng Kohärenz an den Texter, an et ass aus dësem Grond, dass eng Presentatioun vun der Gesetzgebung vum Aarbechtsrecht an ee Ganzt muss organiséiert ginn, déi no engem logesche Fuedem opgebaut ass. D'Gewerkschaften, oder besser gesot d'Sozialpartner am Allgemengen, fuerderen dat scho säit Joren.

D'Kodifikatioun entpoppt sech hei als en onentbierlecht Instrument, dat dem Bierger zu engem méi einfachen Zougang zu de Rechtsregelen an dësem wichtege Beräich verhëllefe wäert. Bei dëser Kodifikatioun handelt et sech ëm eng Zesummestellung vun all deene legalen Dispositioune vum Aarbechtsrecht an engem Gesetzbuch. Dëst legislatiivt Wierk ënnerscheet sech da fundamental vun deene verschiddene Sammlunge vum Aarbechtsrecht, déi virun allem aus enger Kompilatioun vu legalen a réglementairen Texter bestinn.

Nieft enger vereinfachter Zougänglechkeet bréngt eis dës Kodifikatioun méi juristesch Sécherheet, well dës Dispositioune besser liesbar wäerte ginn a well de Risiko vun enger falscher Interpretatioun méi kleng wäert ginn. Och de Bierger wäert sech hei besser erëmfannen. Iwwer eLëtzebuerg huet jiddfereen dann Zougang zu dësem Code du Travail. Des Weidere kënnt och eng Papeierversioun, e Classeur, dee regelméisseg Mise-à-jourë wäert kréien, op de Marché, esou dass all Mënsch d'Méiglechkeet huet, sech all Kéiers doriwwer ze informéieren.

Weider soll dës Kodifikatioun d'Kontradiktiounen an d'Feeler behiewen, wéi och Dispositiounen, déi an der Praxis ni ugewannt respektiv op implizit Aart a Weis duerch nofolgend Texter ofgeschaf goufen, eraushuelen.

Allerdéngs muss ech ënnersträichen, dass dës Kodifikatioun keng Änerung, ech betounen, keng Änerung mat sech bréngt, wat de Fong vun der bestehender Gesetzgebung am Beräich vum Aarbechtsrecht ubelaangt. Änerunge vu bestehenden Texter, déi Géigestand vun dëser Kodifikatioun sinn, fanne just da statt, wa se noutwendeg sinn, fir eng redaktionell Kohärenz an déi gesammelt Texter ze bréngen respektiv fir verschidden Texter méi kloer, verständlech an implizit ze maachen.

Här President, wat dëse Gesetzesprojet ubelaangt, erlaabt mer d'Aarbecht vum Statsrot besonnesch ervirzehiewen, well seng Stellungnahmen de Gesetzgeber op eng positiv a konstruktiv Aart a Weis an dësem imposante legislative Wierk guidéiert hunn. D'Aarbechtskommissioun huet dem Statsrot sengen Iwwerleeungen och zum gréissten Deel Rechnung gedroen, mat just e puer Ausnahmen, op déi ech spéider zréckkommen.

Esou ënnersträicht de Statsrot a sengem Avis ganz zu Recht, dass, am Géigesaz zum Zil vun den napoleonesche Coden, et bei dëser Kodifikatioun net ëm eng generell Reform vun dësem wichtegen Deel vum Droit geet. D'Zil ass éischter méi bescheiden: D'Kodifikatioun soll sech dorop beschränken, fir déi aktuell Norm ze synthetiséieren a se an engem méi kohärente Plang ze presentéieren. De Statsrot ass awer der Meenung, dass dës Kodifikatioun et méi einfach an Zukunft wäert maachen, fir déi bestehend Inkohärenz auszemaachen an dës eventuell an enger zweeter Phas opzehiewen.

Kolleeginnen a Kolleegen, wat d'Uwendung vun der Technik ubelaangt, proposéiert de Statsrot den initiale Gesetzesprojet liicht ëmzeänneren. Fir de Statsrot representéiert deen Artikel dat fundamentaalt Element vun der Struktur vun dësem Gesetz a vun engem Code. A senger Glidderung ënnerscheet de Statsrot zwësche Partien, Bicher, Titelen, Kapitelen, Sektiounen an Artikelen. Esou goufen déi sou genannten „Ënnertitelen" an „Ënnersektiounen", déi mer am initiale Gesetzesprojet stoen haten, an där neier Versioun vum Statsrot erausgeholl.

D'Kommissioun deelt hei d'Meenung vum Statsrot, dass dës lescht Ënnerdeelungen net zur Kloerheet vum Text bäigedroen hätten. Dobäi kënnt, dass dës Ënnerdeelungen och am Géigesaz zu engem System vun dezimaler Numérotatioun stinn, wéi se am Text vun den Auteure virgeschloen a vum Statsrot zréckbehale ginn ass. Bei sengen Ënnerdeelungen huet sech de Statsrot bei eisem franséischen Noper, e grousse Meeschter am Beräich vun der Kodifikatioun vun etlechen Droitsbranchen, inspiréiert.

Här President, am Statsrot senger Versioun vum Gesetzestext ass et deels zu enger neier Andeelung vum Code komm. Esou sinn zum Beispill all déi Dispositiounen iwwert d'öffentlech Uerdnung, déi aus communautären Direktiven erausstiechen, an dat sou genanntent éischt Buch geholl ginn. Am Statsrot senger Propositioun iwwerhëlt dann dat éischt Buch all d'Dispositiounen iwwert déi individuell a kollektiv Aarbechtsrelatiounen.

Esou fanne mer an dësem Buch Titele wéi de Léiervertrag, de Contrat de travail an de Kollektivbezéiungen, d'Zäitaarbecht, den Détachement vun den Aarbechtskräfte souwéi och d'Studentenaarbecht, déi aus dem drëtte respektiv aus dem véierte Buch, wat d'Regierung proposéiert hat, erausgeholl goufen. Datselwecht gëllt fir d'Deelzäitbeschäftegung, déi dat drëtt Kapitel vum zweeten Titel ausmécht, deen iwwert den Aarbechtskontrakt handelt, sou dass och do eng Verschiebung komm ass.

Dat zweet Buch betrëfft d'Reglementéierung vun den Aarbechtskonditiounen. Hei schléit de Statsrot vir, dat spezifescht Kapitel iwwert d'Aarbechtsdauer vun de Beamten erauszehuelen, well e groussen Deel vun dësen Dispositioune mat deene vun den Aarbechter iwwereneestëmmt. Dëst Kapitel wennt sech also un all Zort vun Travailleuren. Am Fall wou nach Ënnerscheeder am Gesetz bestoe bleiwen, gëtt den Uwendungsberäich vun deene spezifeschen Dispositiounen entweder op d'Aarbechter oder op d'Beamte verwisen.

D'Aarbechtskommissioun begréisst hei d'Relevanz vun dësem Virschlag vu Säite vum Statsrot, déi de Virdeel huet, elo schonn op eng gewëssen Aart a Weis dem ugekënnegten eenheetleche Statut vun den Aarbechtskräfte Rechnung ze droen. Esou wäerten déi gesetzlech Ännerungen, déi sech an dësem Beräich an Zukunft eventuell ukënnegen, méi einfach ze realiséiere ginn.

Dat drëtt Buch vun där neier Versioun vum Gesetzesprojet bezitt sech net nëmmen op Gesondheet a Sécherheet op der Aarbechtsplaz, mä och op hire Schutz, wéi ënner anerem de Schutz vun eise werdenden an nierende Mammen. Weider sinn och hei d'Dispositioune vum Gesetz vum 20. Mee 1988 iwwert de Schutz vun den Aarbechter, déi chemeschen, physeschen oder biologesche Substanzen ausgesat ginn, erausgegraff.

Am véierte Buch geet et dann ëm d'Personalvertriedung, wou et jo och wichteg ass, dass elo d'Gesetz vun 1974 an 1979 dran akorporéiert gëtt, a wou jo den Aarbechtsministère amgaangen ass, en Avant-projet fir den Dialogue social auszeschaffen.

Am fënnefte Buch, wou et ëm d'Beschäftegung an d'Aarbechtslosegkeet geet, sinn d'Dispositiven iwwert d'Beschäftegung vun de Behënnerte souwéi och deene mat beschränkter Aarbechtsfäegkeet iwwerholl ginn.

Am sechste Buch fanne mer all déi Dispositiounen iwwert d'Organismen erëm, wéi zum Beispill d'Inspection du Travail, d'Administration de l'Emploi, de Fonds pour l'Emploi respektiv den Observatoire des Relations professionnelles et de l'Emploi.

Wat déi strofrechtlech Dispositiounen ubelaangt, vertrëtt de Statsrot eng aner Siicht wéi d'Regierung, déi all déi Dispositiounen an engem Titel zesummefaasse wollt. De Statsrot réit vun esou enger Zesummefaassung of, déi de Lieser ëmmer erëm op aner Plaze verweise géif. De Statsrot réit zudeem, all déi Dispositiounen erauszehuelen, déi sech op d'Strofrecht en général bezéien, well déi schonn am Code pénal respektiv am Code criminel stinn.

Här President, den urspréngleche Projet hat eng relativ breet Opfaassung vum Aarbechtscode virgesinn. Hei goufen nämlech all déi Texter mat eraageholl, déi direkt oder indirekt d'Aarbechtsbezéiunge betreffen. Aus dëser Optik géif de Code op eng integral Aart a Weis verschidde Gesetzestexter iwwerhuelen, déi zu groussen Deeler iwwer ganz aner Sparte vum Droit géifen handelen, wéi zum Beispill de Congé parental, den RMG fir déi behënnert Leit, d'Gesetzgebung iwwert d'Ofgaben an d'Saisien oder och déi speziell Congéen.

Mir hunn an der Kommissioun dës Siicht vum Statsrot gedeelt an d'Meenung vertrueden, dass een Abstraktioun vun all deenen Dispositioune maache sollt, déi direkt näischt mam Aarbechtsrecht ze dinn hunn. Esou sinn nëmmen déijéineg an de Code eraageholl ginn, déi sech konkret op dës Spart vum Droit bezéien.

De Statsrot proposéiert am Artikel 4 vum Gesetzesprojet eng Dispositioun mat eranzebréngen, déi virgesäit am Fall vun enger Gesetzesänderung all zesummenhängend Dispositiounen am Code de plein droit mat ëmzeänneren. D'Kommissioun begréisst dëse Virschlag ganz besonnesch, well dës Restrukturatioun vum Aarbechtsrecht de grousse Virdeel huet, dass an Zukunft all Änderunge vun enger Dispositioun am Aarbechtsrecht eng bannend Änderung am Aarbechtscode mat sech bréngt. An der Vergaangenheet ass et des Öftere virkomm, dass verschidden implizit Ëmänderunge vum Aarbechtsrecht net richteg erkannt goufen, well hei nei Gesetzer agefouert goufen, déi d'Aarbechtsrecht eigentlech nëmmen indirekt betraff hunn.

Esou wollt ech hei, och am Numm vun der Aarbechtskommissioun, den Opruff un de President an un d'Conférence des Présidents maachen, fir dass si eiser Kommissioun an Zukunft e Rapport oder zumindest pour avis alles dat ginn, wou de Projet vum Code du Travail mat implizéiert ass an enger Änderung, wéi zum Beispill an der Familljepolitik oder an der sozialer Sécherheet.

Kolleeginnen a Kolleegen, de Statsrot ënnersträicht a sengem Avis, dass d'Uwendung vun enger Partie Dispositiounen am Aarbechtsrecht zäitlech begrenzt ass. Dobäi kënnt, dass oft déi Fristen, déi an deene Gesetzer virgesi goufen, duerch d'Budgetsgesetz verlängert gi sinn; fir nëmmen dat Beispill ze nennen. Am Statsrot sengen Ae stellt dëst eng gewëssen Onsécherheet duer, well ee sech hei muss op dat eent oder dat anert Budgetsgesetz bezéie fir d'Uwendbarkeet vun deene betreffenden Dispositiounen ze kennen.

Aus dësem Grond plädéiert de Statsrot dofir all déi betreffend Dispositiounen am Code op d'Lee ze huelen, awer gläichzäiteg hir Zäitlimite ze sträichen. Der Kommissioun no betrëfft dëse Virschlag vum Statsrot de Fong vun deene betraffene Moossnamen a politesche Verträg, woubäi dës ganz oft ënner schwieregen Ëmstänn négociéiert goufen, a wou d'Zäitlimite eng Haaptroll gespillt huet. Hei si besonnesch verschidde Moossnamen aus der PAN-Législatioun ervirzehiewen.

D'Zäitlimitë sinn an dësem Fall Bestanddeel vun deem ausgehandelten Tripartite-Accord. Ganz oft konnten an der Vergaangenheet ganz wichteg Neierungen a Fortschrëtter am Beräich vun der sozialer Gesetzgebung erreecht ginn, well déi deementspriechend Dispositioun an enger éischter Phas zäitlech begrenzt gouf.

D'Propositiounen, déi de Statsrot an dësem Kontext mécht, hunn an den Ae vun der Aarbechtskommissioun awer do eng ganz Rei vu Répercussiounen, déi just dat an der Kodifikatioun ervirsträichen. Heiduerch gëtt et nämlech vläicht méi schwéier an Zukunft nei Léisungen ze fannen, déi d'Sozialpartner mat der Regierung aushandelen. Mir géife proposéieren op en anere Faktor zréckzekommen.

Nodeem mir als Kommissioun all déi Saache begutachtet hunn, hu mer proposéiert, dass mer och an Zukunft sollen Zäitlimitatiounen eraushuelen an e festen Datum an déi Gesetzer aschreiwen, well een et doduerch dem Utilisateur vum Code méi einfach mécht direkt ze wësse wéini dat Gesetz ophält, amplaz dass do steet: Dat ass eng Durée pour trois ans, an da muss hie fir d'éischt nosiche goe wéini dat Gesetz dann och a Kraaft getrueden ass.

Ech wëll awer och drop agoen, wat dës Kéier am Code d'Datumslimitatiounen ubelaangt: Esou ass et just eng Dispositioun, déi do zielt, an dat ass konkret den Artikel L. 311-11 vum Regierungstext. Do geet et nämlech iwwert d'PAN-3-Gesetz iwwert d'Referenzperiod an den Organisatiounsplang vun der Aarbecht, dat op den 31. Juli 2007 limitéiert ass.

Virun dësem Datum soll och eng Bewäertung vun de Konsequenze vun dësen Dispositiounen op de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart gemaach ginn. Dëst gëtt an deem neie Projet dann elo virgesinn als den L. 211-11, als ganz Unitéit, wou dann och deen Datum wäert mat drastoen.

Här President, ech wollt nach bemierken, dass de Statsrot eng Partie Dispositiounen am Gesetzesprojet richteggestallt huet fir de constitutionnellen Imperative Rechnung ze droen. De Statsrot huet zudeem och eng Opposition formelle ugedroht, am Fall wou d'Chamber hiren Änderunge keng Rechung géif droen. Zum Beispill fanne mir hei am Text op verschiddene Plazen - an dëst am Géigesaz zu deene constitutionnellen Dispositiounen - ministeriell Reglementer, fir nëmmen déi als Beispill ze ginn, déi och haut net méi déi Valeur hu wéi virdrun. De Statsrot huet déi duerch groussherzoglech Reglementer ersat. D'Kommissioun gëtt hiren Accord zu dësen Änderungen.

Am Text vum Statsrot gëtt och proposéiert den Amendementer vun der Regierung Rechnung ze droen, wou drasteet, dass all déi Gesetzer, déi mer virun e puer Woche respektiv gëschter gestëmmt hunn, och elo nach sollen nodréiglech iwwer e Règlement grand-ducal an de Code agebaut ginn. An datselwecht gëllt och do - ginn ech emol dervun aus - fir dat Gesetz, wat mer de Mëtteg nach wäerte stëmmen, wat och seng Implikatiounen op de Code du Travail huet. Do fält och nach des Weideren d'ATT-Gesetz drënner, wat mer virun dräi Woche gestëmmt hunn, well dat muss och iwwert de Règlement grand-ducal an de Code du Travail inkorporéiert ginn.

De Code u sech trëtt den 1. September 2006 a Kraaft, well mer dann och de Leit d'Méiglechkeet gi sech domat ausenaner ze setzen ier en da voll do ass.

E grousse Merci wëll ech deenen zoustännege Beamten am Aarbechtsministère soen an dem Sekretär vun der parlamentarescher Kommissioun fir déi Sisyphusaarbecht, déi si hate fir dëse Code an d'Realitéit ëmzesetzen. E grousse Merci och un all d'Kolleegen an der Aarbechtskommissioun fir déi flott Zesummenaarbecht.

Vill Leit stelle sech elo d'Fro firwat elo nach e Code du Travail gestëmmt gëtt an net gewaart gëtt bis de Statut unique do ass. Nieft dem Statut unique kënnt jo och nach d'ITM-Reform, déi jo schonn zwee respektiv dräi Joer ënnerwee ass, an déi Tripartite-Moossnamen, déi de Minister gëschter zum Schluss vun eiser Sitzung nach ugekënnegt huet an Enn dës Joers ëmgesat solle ginn; datselwecht gëllt fir verschidden EU-Direktiven.

Mä mer sinn awer der Meenung, dass et elo dorëms geet fir keng Zäit ze verléieren, an dass et wichteg ass elo dee Code op de Maart ze bréngen, well och an deenen anere Coden, ob dat de Code civil, de Code pénal oder de Code de la Route ass, och do komme kontinuéierlech Änderungen. Well e richtege Moment gëtt et net fir ze soen: Elo kënne mer et maachen, well elo hu mer ee Joer Rou bis et erëm zu Änderunge kënnt. An dofir si mir der Meenung, dass de Code du Travail, wéi en elo ass, gutt ass, an dass en zum jëtzegen Zäitpunkt nach Realitéit gi soll.

Wichteg ass elo och, dass all déi Institutioune wéi d'Gewerbeinspektioun, d'École supérieure du Travail sech awer och schonn direkt mat deem Code ausenaner setzen, fir dass si sech ab dem 1. September och mat deem neie Code familiari-

séiert hunn, an dass et net zu kontradiktoreschen Aussoe kënnt.

Weider ass et wichteg, an de Minister huet eis versprach, dass dat bis den Hierscht do wier, dass och elo e Code réglementaire kënnt, wou all déi Reglementer, déi nach mussen a vigueur sinn, no dërselwechter Numérotatioun, just mat engem „R“ amplaz engem „L“ virdrun, an d'Realitéit ëmgesat ginn, fir dass si et méi einfach hu fir domat ze schaffen.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn dovunner iwwerzeegt, dass d'Chamber a grousser Zuel dësem wichtegen neie Code du Travail wäert d'Zoustëmmung ginn.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marcel Glesener ageschriwwen. Här Glesener!

Discussion générale

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Kolleeginnen a Kolleegen, de Marc Spautz huet der Chamber elo hei e mëndleche Rapport gemaach, deen de schréftleche Rapport ergänzt. Hien huet dat op eng brillant Aart a Weis gemaach, sou datt hie praktesch alles gesot huet, sou datt et mir am Numm vun eiser Fraktioun schwéier wäert falen nach eppes wesentlech Neies hei ze soen.

Ech wëll awer dräi Remarquë maachen zu deem Projet. Et ass richteg, datt eng Kodifizéierung vum Aarbechtsrecht ëmmer méi noutwendeg ginn ass a praktesch onverzichtbar ginn ass. De Marc Spautz huet drop higewisen zu Recht, datt während deene leschte 35 Joer eist Aarbechtsrecht onwahrscheinlech evoluéiert huet. D'Gesetzer hunn al Gesetzer ofgeännert, ergänzt, a Fro gestallt, iwwerschafft, esou datt et praktesch net méi méiglech war den Iwwerbléck ze behalen, wat dann elo an deenen eenzelne Gesetzer iwwert d'Aarbechtsrecht wierklech aktuell wär oder net. Et huet ee missen an enger ganzer Rei vu Gesetzer nokucke fir déi Uwendungen dann erëmzefannen.

Hei e Beispill: Gëschter hu mer am Numm vun de Sociétés européennes am Matbestëmmungsgesetz wesentlech Punkten ofgeännert an ergänzt. Wann een elo dat aalt Matbestëmmungsgesetz kuckt, da fënnt een dat mat Sécherheet net erëm, well et net dran ass. Esou datt et noutwendeg ass, datt awer jiddfereen en connaissance de cause kann Décisiounen huelen, datt et noutwendeg ass, datt effektiv dat Aarbechtsrecht ee fir alle Mol elo kodifizéiert gëtt an och deementspriechend, esou wéi de Rapporteur elo gesot huet, ergänzt gëtt an ajoutéiert gëtt, datt ee permanent den Iwwerbléck huet iwwert déi lescht Bestëmmungen.

Dofir war et richteg, datt den Aarbechtsminister no laangen Diskussioune gekuckt huet - an déi Diskussioune si scho virun 1999 ugaangen, wéi den Här Biltgen nach net Aarbechtsminister war - fir onbedéngt dorop hinzewierken, datt mer ee fir alle Mol dat Aarbechtsrecht géife kodifizéieren. An no laangen Diskussiounen huet de Minister dann och deklaréiert, datt et ee vu sengen Haaptobjektive wier dat bestoend Aarbechtsrecht ze kodifizéieren. Dat huet dräi Joer laang gedauert an dat war wierklech eng Benediktineraarbecht, déi do gemaach ginn ass fir sech do an déi Gesetzer eranzeschaffen, fir ze kucke wéi dat ausgesi soll. An et war en Team vun enger Rei Juristen a Beroder, déi dann endgülteg déi nei Fassung vun där kodifizéierter Form vum Aarbechtsrecht hei presentéiert hunn.

An ech géif am Numm vun eiser Fraktioun an och als President vun eiser Kommissioun deene Leit mam Minister Merci soen, déi déi Aarbecht do gemaach hunn, déi wierklech beispillhaft war a mat Sécherheet e ganz schwieregt Unterfange war.

Ech wëll dann zweetens soen, datt d'Resultat dann ugekënnegt ginn ass vum Minister, hie géif dann dee Projet nach virun de Wahle vun 2004 déposéieren. Dat war knapps ugekënnegt. Dunn ass hien - dat wëll ech nach eng Kéier bemierken - öffentlech ganz vehement kritiséiert ginn. Et ass gesot ginn, datt de Minister eng Geleeënheet géif verpassen, fir wichteg Reformen an d'Aarbechtsrecht mat anzebannen an esou dat op d'laang Bänk ze schécken an ze schieben.

Bon, dat war jo net den Zweck an net d'Ursaach fir déi Kodifizéierung, fir elo nach wesentlech Reformen ze maachen, mä et ass jo drëm gaangen, fir effektiv déi bestoend Gesetzgebung an eng Form ze bréngen, dass se iwwersiichtlech wär, sou datt all déi Kritiken, déi deemools un den Aarbechtsminister geriicht gi sinn, virun allem och vu Gewerkschaftsleit vun enger bestëmmter Gewerkschaft, mat Sécherheet net ubruecht waren.

Gutt, de Minister huet sech awer net découragéiere gelooss an hien huet de Projet op den Instanzewee ginn. A mir hunn dann, och mat Hëllef vum Statsrot, deen eng wesentlech Aarbecht geleescht huet, et fäerdeg bruecht, nach rechtzäiteg virun dëser Summerpaus, dee Projet net nëmmen op den Instanzewee, mä och hei zu engem Ofschloss ze bréngen. Ech géif also nach eng Kéier op d'Wichtegkeet vun deem Projet hiweisen an ee Merci soen un de Rapporteur an och un all déi Leit, déi matgehollef hunn, dee Projet hei ze realiséieren.

Dann ee lescht Wuert nach, well de Rapporteur vun der Ëmsetzung vun Direktive geschwat huet, wëll ech och op eppes hiweisen, wat mer schwéier um Mo a schwéier um Häerz läit, dat ass d'Ratifikatioun vun der Sozialcharta vum Europarot.

Mir hunn 30 Joer laang gebraucht - dat ass scho bal e Skandal -, bis 1992, fir déi Sozialcharta hei am Parlament ze ratifizéieren. Mir ginn dobausse gären esou e gutt Beispill vu mustergültegen Europäer, mir ginn och ville Länner a ville State Lektiounen, wéi se sech solle wierklech verhalen an Europa, an et huet awer 30 Joer laang gedauert, bis Lëtzebuerg et fäerdeg bruecht huet, praktesch als leschte Memberstat vu 44 Länner, déi Sozialcharta vum Parlament ratifizéieren ze loossen.

Mir hu virun zwee Méint dat zéngjäregt Bestehe gefeiert vun der rektifizéierter Sozialcharta. Ech mengen, et ass blamabel, dass mer et bis haut nach net fäerdeg bruecht hunn, dee Projet op den Instanzewee ze ginn. Et ass net d'Schold vum Aarbechtsminister, mä et ass eng kollektiv Vernoléissegung vun den Obligatioune vun eiser gesamter Regierung.

An ech géif effektiv hei en dréngende Wonsch ausdrécken an dat ënnerstëtzen, wat de Chambersprésident virun zwou Wochen nach an engem Bréif un de Statsminister geriicht huet, fir dach endlech virun ze maachen an hei dee Projet vun der Ratifikatioun, vun der revidéierter Sozialcharta op den Instanzewee ze ginn, fir datt Lëtzebuerg net zu deene leschte fënnef State vu 46 gehéiert, déi et nach net fäerdeg bruecht hunn, fir déi Sozialcharta ze ratifizéieren.

Dat gesot, nach eng Kéier, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, ginn ech selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu deem Projet, deen de Marc Spautz hei presentéiert huet.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Glesener. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Calmes.

M. Emile Calmes *(DP)*.- Här President, erlaabt mer am Numm vun eiser Fraktioun dem Rapporteur fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport hei ze félicitéieren. Deem ass näischt méi bäizefügen an ech géif och am Numm vun eiser Fraktioun den Accord bréngen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Castegnaro. Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

M. John Castegnaro *(LSAP)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Merci och dem Rapporteur fir de schréftlechen a mëndleche Bericht. Besonnesch an deem mëndlechen huet hien et fäerdeg bruecht déi néideg Prezisiounen an Detailer ze liwweren, wat den Inhalt an den Opbau vum Code du Travail ubelaangt. Et ass domat och däitlech ginn, dass mat deem Vote iwwert déi Projeten haut e Regelwierk geschaf gëtt, wat alle Leit zegutt kënnt, déi an iergendenger Form mam Aarbechtsrecht konfrontéiert sinn.

Hei ass wierklech gutt Aarbecht geleescht gi vun all deenen, déi un der Kodifizéierung bedeelegt waren. An dobäi sinn déiselwecht Leit schonn zënter enger gudder Zäit amgaangen - dat ass hei ervirgestrach ginn - d'Kodifizéierung vun de Reglementer och virzebereeden oder souguer geschwënn ofzeschléissen.

Ech wëll deenen anonyme Mataarbechter um Code - well där goufen et jo och e ganze Koup - Merci soen, geneesou deenen aus dem Ministère du Travail, mä besonnesch dem Statsrot, dee jo oft hei kritiséiert gëtt, deen an deem prezise Fall hei Feinaarbecht geleescht huet an domat d'Liesbarkeet an d'Transparenz wesentlech verbessert huet.

Wann och mat Recht behaapt gëtt, dass et sech beim Code du Travail wéineger ëm e politescht, awer dofir méi ëm en technescht Wierk handelt, da stëmmt dat nëmme bedéngt.

Et stëmmt, dass mam Code keng politesch Verännerungen am Sënn vun Ofbau oder Verbesserungen an och keng negativ Flexibiliséierung virgeholl ginn.

Et stëmmt awer och, dass et eng politesch Décisioun huet misse sinn, also och politesche Wëllen noutwendeg war, fir endlech e Code du Travail hei virun dat héicht Haus ze bréngen, a Form vun deene Projeten, déi mer elo kennen.

Erlaabt mer eng perséinlech Bemierkung zu deem Ganzen, an dat net ouni Emotioun, well ech fir mech selwer fannen, dass d'Verabschiedung vun deem Gesetz - fir mech jiddefalls - en historesche Moment bedeit.

Firwat? Ma well ech zënter menger zäertlechster Jugendzäit - an ech schwätzen do vun där Zäit vun 1961 un - als jonke Gewerkschaftsmilitant a jonke Gewerkschaftsfunktionär ugefaangen hunn, praktesch an alle Rieden, d'Kodifizéierung vum Aarbechtsrecht ze fuerderen, geneesou wéi meng Gewerkschaft an aner Gewerkschaften dat gemaach hunn.

Firwat? Ma well mir fonnt hunn, dass d'Bierger e Recht hunn déi Gesetzer, déi si betreffen, op eng Aart a Weis presentéiert ze kréien, déi et hinne méiglech mécht se ze iwwersinn an ze verstoen, d'Zesummenhäng ze gesinn, fir dass se hir Rechter - an d'Gesetzer gi jo gemaach, fir dass se Rechter kréien - an natierlech och hir Flichten op eng liicht verständlech an erkennbar Aart a Weis zougedroe kréien.

Dëse Code du Travail - an duerno ergänzt iwwert de Code vun de Reglementer - muss natierlech permanent ugepasst ginn un all nei gesetzlech a reglementaresch Bestëmmungen - dat ass och scho gesot ginn. Alles, wat also mat Aarbechtsrecht ze dinn huet, muss sech dann do erëmfannen. An d'O.P.A.-Gesetzgebung an deene Punkten, déi ech gëschter genannt hunn, zielt geneesou dozou, wéi d'Sociétés européennes oder den Index an anerer och.

An dat ënnersträicht, dass de Code, wéi all Code, eppes ganz Lieweges ass, wat also net eng Kéier votéiert gëtt an da starr während Joren oder Jorzéngte bleift, mä lieweg ass an deem Sënn, dass Changementer, déi antrieden - an de Rapporteur huet dat éineschters ëmschriwwen -, sech musse méiglechst schnell an deem Code erëmfannen, fir dass en „up to date“ ass, dass en also deenen Erausfuerderungen an Erwaardunge gerecht gëtt, déi dann elo un e gestallt ginn.

An et geet awer elo och drëm - an ech riichte mech do ganz besonnesch un den Aarbechtsminister -, dass dee Code du Travail besonnesch de Salariéen zougänglech gemaach gëtt. Déi Professionell op Patronssäit oder d'Affekoten an anerer hu kee Problem, fir sech esou e Wierk unzeschafen an ze wëssen, wou se et fannen. Mäi Wonsch wär deen, dass den Aarbechtsminister sech Gedanke mécht, wéi mer et fäerdeg bréngen, dass d'Mass vun de Leit, also d'Salariéen, déi an alleréischter Linn vum Code betraff sinn, deen Zougang erliichtert kréien.

An dobäi soll ee sech net op eLuxembourg oder eLëtzebuerg beschränken. De Statsrot huet zwar iergendwou gesot, dass den Internet déi beschte Plaz wär, wou een den Ableck kënnt kréien, mä dat géif awer bedeiten, dass mer, trotz alle Fortschrëtter, déi mer bei eLëtzebuerg gemaach hunn, ëmmer nach e Koup vu Leit vum Zougang géifen ausschléissen.

An dofir sollt een e Wee sichen, wéi een et am beschte ka maachen; an dat zesumme mat de Gewerkschaften, mat de Beruffschamberen, déi och do eng Responsabilitéit hu fir iwwer eventuellt Begleetmaterial, ob dat elo Handbicher, Vademecumen oder wat och ëmmer nach ass, déi Lektür ze vereinfachen, ze erklären, zesummenzefaassen, fir dass effektiv jiddereen déi Méiglechkeete kritt, déi mer am Code du Travail, als e wesentlecht Handwierksgeschir fir d'Salariéen a fir all déi aner, gesinn an och gären hätten, dass et esou fonctionnéiert.

Erlaabt mer aus menger Siicht, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e puer fundamental Iwwerleeungen a Bemierkungen.

De Code du Travail - fir mech jiddefalls - kritt dann den definitive Glanz an och eng Vereinfachung, wa mer et fäerdeg bréngen, méiglechst schnell déi onberechtegt statutaresch Differenzen zwëschent Aarbechter a Beamten aus dem Wee geschaf ze kréien, an dat mat der Schafung vum Statut unique, wat jo eng vun de wesentleche Strukturreformen ass, déi an der Tripartite zréckbehale gi sinn, a wou och just an dëse Stonnen d'Verhandlungen op Héichtouren tëschent Gewerkschaften, Patronat an den zoustännege Ministërë lafen, fir hoffentlech zu engem positiven Ofschloss ze kommen.

De Statut unique duerch eng Gläichstellung op héijem Niveau, net duerch en Nivellement vers le bas: En däerf also net eng Geld- an eng Käschtefro sinn, also net dorop reduzéiert ginn, mä e bedeit am Endeffekt d'Unerkennung vun all deenen, déi schaffen, a vun all deenen, ouni Ausnahm, ob et Aarbechter oder Beamte sinn, dass se deem Asaz, dee vun hinne verlaangt gëtt fir méi Produktivitéit, och kënnen duerch e gudde Statut gerecht ginn. Et muss ee jo och énnersträichen, dass op där anerer Säit Aarbechter oder Beamten ouni Differenz Affer vu Failliten, Betribsschléissungen oder Ofbau ginn.

De Statut unique ass also eng Viraussetzung an e Bäitrag fir deene groussen Erausfuerderunge gerecht ze ginn, och der sou genanntener Lissabon-Strategie.

De Statut unique wär fir mech - an duerfir hunn ech dat hei einfach wëlle soen - d'Kiischt um Kuch, wann een de Code du Travail esou definéiert, wéi mir dat och an der Kommissioun gesinn hunn, an et wier, wann ee seet, d'Kiischt um Kuch, op där anerer Säit dat wat ech virdru den definitive Glanz vum Code du Travail genannt hunn, an ech wënsche mer, dass mer do zu engem positiven Enn kommen.

Ofschléissend: Natierlech stëmmt d'LSAP-Fraktioun dës Gesetzer. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Castegnaro. Lescht Riednerin, déi ageschriwwen ass, ass d'Madame Loschetter vun deene Gréngen.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Ech mengen, den Här Jaerling ass och ageschriwwen.

M. le Président.- An den Här Jaerling och.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi ass d'Endresultat vun enger enormer Aarbecht - et ass scho gesot ginn -, eng Aarbecht, déi all bestehend an och zukünfteg Gesetzer, déi sech mat Aarbechtsrecht beschäftegen, soll regruppéieren, kodifizéieren, an dëst no engem ganz klore System. Mä ech denken, datt deen Effort, dee geleescht ginn ass, gradesou grouss ass wéi deen, deen nach weider an Zukunft wäert ze leeschte sinn - et ass och schonn haut hei gesot ginn -, wat d'Kodifizéierung ubelaangt vun deenen nächsten, dat heescht vun deenen zukünftege Projeten.

Dozou wëll ech ganz kuerz an enger Minutt just dräi Remarquë maachen a mech och op dës dräi Remarquë beschränken.

An Zukunft heescht dat, datt bei all zukünftegem Projet de loi, wou an iergendenger Form d'Aarbechtsrecht mat implizéiert ass, sief et an engem bestehende Gesetz wat ofgeännert gëtt oder sief et an engem neie Gesetz, d'Aarbechtskommissioun sech mat dësem System vu Kodifizéierung muss befaassen. Iwwert de Wee vun der Aarbechtskommissioun gëtt dann och herno d'Kodifizéierung à jour gehalen.

Dëst verlaangt dann och eng enk, oder vläicht méi eng enk Kollaboratioun tëschent de verschiddene Ressorten. Or, mir hunn et elo schonn e puermol erlieft a verschiddenen Aarbechtsgesetzer, datt et munchmol u Koordinatioun gefeelt huet respektiv d'Aarbechtskommissioun net fir hiren Avis gefrot ginn ass oder heiansdo im Nachhinein gewuer ginn ass, datt eppes geschafft ginn ass, wou mir an der Aarbechtskommissioun net emol doriwwer informéiert gi waren.

Wéi zum Beispill, ech nenne just e puer Ressorten, mat deene mer, mengen ech, an Zukunft am meeschten zesumme schaffe mussen an deem Kontext vun der Kodifizéierung: Dat ass d'Ekonomie, d'Formation professionnelle, awer och d'Sécurité sociale oder d'Santé.

Zweet Remarque: Dës Kodifizéierung mécht nëmme Sënn, wa se och direkt accessibel ass fir all Salarié - an enger aktualiséierter Form - oder all Concernéierte vun deem Aarbechtsgesetz. Dat ass net onwesentlech, well de Code du Travail ass ebe par définition eppes wat permanent changéiert a wat och permanent adaptéiert gi muss.

Wichteg ass - an do riichten ech mech och un den Aarbechtsminister -, elo eng Informatiounscampagne ze lancéieren, fir datt all Concernéierten oder potenziell Concernéierte Bescheed weess iwwert déi verschidde Méiglechkeeten, déi an Zukunft existéiere wäerten, wou ee sech dann och ka klug maachen iwwert de Stand vum Aarbechtsrecht, sief et iwwer Internet, Legilux oder och nach aner Méiglechkeeten.

Drëtt a lescht Remarque: Wichteg ass et elo, fir wierklech jiddferengem et méi einfach ze maachen, datt datselwecht an esou séier wéi méiglech och mat deene Reglementer geschitt, an dat virun allem um Niveau vun de Reglementer wou een dach awer nach séier wéineg den Duerchbléck esou einfach huet.

Voilà, dëst gesot, Här President - ech hat gesot ech géing dat an enger Minutt maachen -, wëll ech den Accord vu menger Fraktioun ginn an dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. D'Wuert huet elo den Aarbechtsminister, den Här François Biltgen. Oh, pardon, den Här Jaerling!

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Ech hat gemengt, Dir hätt dat ebe gesot.

M. le Président.- Här Jaerling, ech hat lech net gesinn, well Der an Diskussioune waart.

(Interruption et hilarité)

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Här Minister, ech sinn haut fei mat lech, de Mueren nach, de Mëtten net méi.

Bon, Här President, Merci dem Här Rapporteur fir säin explizite Rapport. Mä ech wëll awer och net vergiessen, dem Här Ali Kaes Merci ze soe fir säi Rapport vu gëschter. Ech hat dat gëschter vergiess, an ech wëll déi Geleeënheet hei awer net verfeelen, fir dat haut awer nozehuelen - soss mécht hie mer erëm en Ouer doënnen an der Buvette.

(Hilarité)

Dëst ass e Gesetz, wat technesch ass a wat nëmmen zum But huet, eng Panoplie vu Gesetzer vum Aarbechtsrecht an engem Code ze vereenegen. Esou kënnt een dat am Fong mat einfache Wierder soen.

Mä et ass net esou einfach, et stécht wahnsinneg vill Aarbecht derhannert, an duerfir ass et och wichteg, dass all déi Leit, déi dorunner geschafft hunn, besonnesch och d'Beamten, emol Merci gesot kréie fir déi Aarbecht, well dat war net esou evident.

Dëse Code mécht souwuel de Salariéë wéi och de Betriber et méi einfach fir sech an där grousser Welt vum Aarbechtsrecht erëmzefannen an och fir d'Aarbechtsrecht ze interpretéieren. Ech wëll awer hei drop pochen - an ech hunn dat och schonn an der Kommissioun gesot -, dass et muss selbstverständlech sinn, dass, wann dëse Code du Travail fäerdeg ass, en all Salarié an all Betrib gratis muss zougänglech gemaach ginn, well dann eréischt ass et och e Recht, wann all Salarié an all Betrib e ka kréien.

An ech wëll dës Geleeënheet och net verfeelen, Här Minister, fir nach eemol un eng Fuerderung vu mir ze erënneren, fir och eng zentral Stell ze kreéieren, wou d'Salariéen Zougang zu alle Kollektivverträg kréien, dat souwuel fir déi betriblech, déi sektoriell wéi och besonnesch déi allgemeng verbindlech, well vill Salariéen einfach keng Méiglechkeet hunn, fir un hire Kollektivvertrag ze kommen.

Am Gesetz vum 24. Mee 1989 steet wuel dran, dass all Salarié misst deen Dag, spéitstens deen Dag wou hien an e Betrib antrëtt, e Contrat de travail kréien, mä et steet net dran, dass dat och fir d'Kollektivverträg gülteg ass. Dat heescht, hie kritt wuel e Contrat de travail, mä hie kritt vum Patron net automatesch e Kollektivvertrag ausgehändegt. Ech mengen, dat misst och onbedéngt e Recht fir de Salarié ginn, sief et, dass entweder d'Aarbechtsgesetz esou ausgeluecht gëtt, dass hien d'office ee muss vum Patron kréien, oder sief et, dass dofir gesuergt gëtt, dass all Salarié awer e Recht kritt, dass hien iergendeng Plaz huet, wou hie kann un dee Kollektivvertrag kommen, deen hie betrëfft.

Dat misst e Recht sinn, an duerfir wëll ech nach eng Kéier dorunner appelléieren, an och dass mer eng Kéier misste kucken, fir do eng Méiglechkeet ze schafen, dass dat och fir all Salarié e Recht gëtt, dass niewent dem Code du Travail och all Salarié kann e Recht op säi Kollektivvertrag hunn.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Elo huet den zoustännege Minister, den Här François Biltgen, d'Wuert.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Merci, Här President. Sot mer direkt wéi vill Minutten ech hunn.

(Hilarité)

M. le Président.- D'Regierung huet zéng Minutten.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Da wäert ech mech drun halen, Här President.

M. le Président.- Dat wier ganz léif.

Une voix.- Juppi!

M. le Président.- D'Chamber ass lech dankbar.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll awer och mam Merci un de Rapporteur, de Marc Spautz, ufänken, deen et hei wierklech a kuerzen an a verständleche Wierder fäerdeg bruecht huet, de Prinzip vum Code ze erklären. Well dat kléngt ganz einfach, mä et ass, wéi et schonn e puermol gesot gouf, net ëmmer einfach fir jiddferengem dat ze erklären. Mir wäerten och doudsécher eng Informatiounscampagne esou oder esou maachen, fir de Leit eben ze erklären, wéi dat an Zukunft fonctionnéiert. An da ginn ech jo dovunner aus, dass deen een oder deen anere vun lech, ugefaange mat Ärem Rapporteur, dem Marc Spautz, och do matmaache wäert, fir dat heiten ënnert d'Leit ze bréngen.

Ech muss éierlech soen, dass a mengem politesche Liewen deen heitegen Dag mat ee vun deene schéinsten ass, well dat heiten eppes ass, wat ech mer direkt 1999 virgeholl hat, wéi ech Aarbechtsminister gouf, ze maachen, an elo hu mer et duerchgesat. D'lescht oder d'virlescht Woch stoung am „Lëtzebuerger Land" en Artikel: „Codex aureus imaguculae". Dat heescht: De goldene Code vum klenge Bildchen. Ech muss soen, ech hunn dat als éierevoll emfonnt, well dat heite wierklech eppes ass, wat mer ganz vill Freed mécht, dass mer dat maachen.

An et ass eng laangjähreg Fuerderung gewiescht. Ech mengen, de John Castegnaro huet vu senger Erfahrung geschwat - hien ass jo laang derbäi - fir dat ze fuerderen. De Marc Spautz huet hei déi grouss Éier eigentlech och eppes mat kënnen ze realiséiere wat säi Papp, eisen Éierechamberspresident, och ëmmer an dërselwechter Zäit gefuerdert huet. Dat heescht, et ass ëmmer erëm gefuerdert ginn an et huet laang gedauert, bis dass mer et elo endlech hunn. An et war och net einfach dat ze maachen.

Ech wëll dofir - et ass schonn e puermol anonym gesot ginn - déi Leit och hei ernimmen, deenen ech vill ze verdanken hunn, dass mer dat esou hei elo do stoen hunn. Dat waren déi dräi Consultanten, déi ech consultéiert hu fir Iddien ze kréie wéi mer sollen un déi Saach erugoen: Dat war de Romain Schintgen, eise Riichter op der Cour de Justice, ale Mataarbechter vum Haus, dat war de Marc Feyereisen, dee jo vill an deem Domän aktiv war an deen éischt Virstellungen heizou schonn hat, déi ech fonnt hat am Haus, op deene mer da weidergeschafft hunn, an dat war de Rémy Schwartz aus dem franséische Conseil d'État, deen dee Spezialist a Frankräich ass vun der Kodifikatioun. Mir hunn eis also hei ganz franséisch inspiréiere gelooss. Duerno hu mer déi Iddien ëmgesat.

An och do wëll ech Leit Merci soen: dem Maître Guy Castegnaro, deen hei praktesch all déi Klengaarbecht gemaach huet mat senge Leit, awer och de Leit bei mir am Ministère: virun allem dem Nadine Welter a sengem Mataarbechter, dem Gary Tunsch. Merci dem Statsrot, well hien huet eis wesentlech no vir bruecht. Merci awer dann nach eng Kéier och der Chamberskommissioun, hirem Sekretär, dem Martin Bisenius, hirem Rapporteur an, ech mengen, wierklech all deenen Deputéierten, déi hei geschwat hunn, well dat war alles gutt, wat se gesot hunn, an, ech mengen, mat enger ganzer Partie Suggestiounen. Et war keng schlecht Suggestioun dobäi; ech wäert se all mat ophuelen.

A kuerze Wierder. Wat ass dëse Code? Dëse Code ass e Code-loi, also e Gesetz, a kee Code-compilation. Dat war deen éischte Problem, deen ech ëmmer erëm hat, de Leit ze erklären, déi soten: Mä et gëtt jo Coden, wéi déi vum Service central de Législation; hei ginn et Coden, do ginn et Coden. Dat si keng richteg Coden: Do sinn d'Gesetzer hannereneen opgereit ginn, mä et war keng Struktur dran.

Dat heescht, hei maache mer eppes, wat den Napoleon ugefaangen huet a wat a Frankräich elo mëttlerweil ganz à la mode ass - bei eis eigentlech net vill -: Mir maachen e richtege Code, dee strukturéiert ass. Mir hunn där, ofgesi vun deenen ale Coden: Code civil, Code de Procédure civile, Code pénal, Code de Procédure pénale, ganz wéineg. Et fält mer just de Code des Assurances sociales eigentlech als déckt Dokument an, wat och esou strukturéiert ass. Mä an der neierer Zäit hu mer dat net méi gemaach. Dat hei ass also eng éischte Kéier, dass mer dat doten erëm eng Kéier maachen.

D'Virdeeler vun deem Code sinn: 1. den Zougang, 2. d'Kohärenz.

Zougang doduerch, dass een an engem Buch ka bliederen, an dass een dat automatesch erëmfënnt. A wa mer dat bis online hunn, dann ass et mam Suchautomat nach vill méi einfach sech do iwwerall erëmzefannen, wou ee gären eppes hätt. Dat ass also fir d'Praktiker vum Recht extrem wichteg. A wann ech soe Praktiker vum Recht, denken ech net nëmmen un d'Affekoten; ech denken un d'Betribschefen, ech denken un d'Gewerkschaftler. D'Delegatiounen, déi kréien also hei hir Aarbecht vill méi einfach gemaach.

Ech hunn zu Paräis op der Uni geléiert - esou sot mäi Professer -: «Le droit doit être à la portée de la femme de ménage.» An dat ass eppes, wat mer oft erëm vergiessen. Mir maachen esou komplizéiert Texter, wou een eben de Problem huet, dass een emol net weess, wou se stinn. Elo wësse mer, wou se stinn.

Kohärenz: Mir hu festgestallt, wéi mer dee Code hei gemaach hunn, dass de Législateur all puer Joer erëm hei eppes mécht an do eppes mécht a sech selwer oft net bewosst ass, dass seng Texter kënne kontradiktoresch sinn. Dat waren also e puer Punkten, op déi mer hei opmierksam gi sinn. Et war Kontradiktioun. Wa mer dat alles an engem Code hunn, hu mer an Zukunft vill manner eng Gefor vu Kontradiktioun.

Also nach eng Kéier: Zougang a Kohärenz, dat sinn déi zwee wesentlech Virdeeler.

D'Prinzipien, wéi mer et ëmgesat hunn:

Droit constant, ganz kloer, mir hunn hei näischt geännert. Mir hu missen Arbitragë maachen. Et däerf een net e Code benotze fir Gesetzer ze änneren, soss gëtt ee souwéisou ni fäerdeg.

Zweetens, d'Numérotatioun. D'Numérotatioun huet zwee grouss Virdeeler. Si ass vläicht am Ufank net verständlech, well mer net hei mat engem Artikel 1 ufänken, mä mam Artikel 111. Mä d'Numérotatioun ass wichteg, well mer kënnen dee Code elo - et ass vum John Castegnaro gesot ginn e muss liewen - duerch déi Numérotatioun liewe loossen an erëm nei Kapitelen dramaachen. An d'Numérotatioun bréngt dann och erëm eng Kéier vill méi Liesbarkeet eran.

Notamment och wat d'Reglementer ubelaangt. Well d'Reglementer, déi mer jo och wëllen am Hierscht iwwert d'Voie de règlement grand-ducal hei virschloen, déi kënne mer elo ganz einfach zesummebündelen. Dat heescht, ech huelen den Artikel 121-1 iwwert de Contrat de durée déterminée. Deen huet e Règlement d'exécution. Elo kritt dee Reglement d'Nummer R. 121-1. Dat heescht, fir een, deen eppes nozesichen huet, dee weess ganz séier an Zukunft wou e Reglement komm ass a wou kee komm ass. Also, dat doten ass och ganz wichteg.

Dann ass natierlech och d'Legistik wichteg, dass mer hei versicht hu Saachen zesummenzemaachen.

A wat de Statut unique ubelaangt, hu mer elo hei eigentlech schonn de Statut unique. Mir hu just déi puer - am Droit du Travail sinn et der net esou vill – Ënnerscheeder, wou notamment d'Employé-privéen en anere Regime hu wéi am Allgemengen, hei gekennzeechent, esou dass mer awer do schonn eng grouss Viraarbecht geleescht hunn.

Eng Diskussioun, déi mer haten, de Marc Spautz ass un déi erukomm, dat ass déi vum Champ d'application. Mir wollten e vill méi breet maachen, ebe fir de Rechtspraktiker méi Zougang ze ginn, wat si wäit oder breet géif interesséieren. De Statsrot sot: Neen, maacht dat net! Gitt do op de Core business vun lech zréck - dat ass also de Code vum Aarbechtsminister.

Gutt, ech mengen, dass mer domadder liewe kënnen. Et ass nach net alles geléist, mä mer kënnen domadder liewen. De Virdeel ass awer deen - elo kommen ech drop zréck, wat d'Viviane Loschetter gesot huet -, dass et an Zukunft vill méi schwiereg ass, dass den Droit du Travail court-circuitéiert gëtt. Mir hunn ëmmer erëm Gesetzer fonnt, déi CDDe verlängert hu géint d'Aarbechtsrecht. An dat ass a sektorielle Gesetzer geschitt, wou den Aarbechtsministère emol näischt dovunner matkritt huet. Dat ass an Zukunft net méi de Fall. Dat kréie mer an Zukunft besser ënner Kontroll.

Wat mer hu missten, dat ass wéi a Frankräich Codes pilotes a Codes suiveurs. Déi léisen esou déi Problemer vum Champ d'application vun den eenzelne Coden.

Dat heescht: Wat brauche mer? Mir brauche méi Coden. An ech hoffen op eng Décisioun, déi iwwregens nach an der viregter Regierung geholl gouf, „better regulation" huet déi geheescht, also „besser Gesetzgebung". An där Décisioun vun der Regierung steet dran, dass de Code du Travail en éischte Pilotprojet wär, an dass een an Zukunft all déi aner Beräicher och kodifizéiere soll. Da gëtt den Droit wierklech méi liesbar fir eis Leit.

Da mäi leschte Punkt: Wéi maache mer deen elo zougänglech? Et ass ganz kloer, dee Code trëtt den 1. September a Kraaft a mir wäerten och do eng Partie Publicitéit ronderëm e maachen. Ech mengen, haut kréien déi mannste Leit mat, dass mer do dee Code gemaach hunn, well mer virun der Vakanz sinn a well awer nach vill aner Saache méi diskutéiert gi wéi dëse Code.

Wichteg ass fir e Code, dee lieft, dass mer e vun Ufank un - an do sinn d'Gespréicher scho gelaf - mam Service central de Législation iwwert de Wee vu Legilux zougänglech maachen. Well dee lieft jo, dat heescht, deen ass jo net figéiert, an dee muss dann ëmmer erëm do consultéiert ginn. Mir sinn amgaang fir eise Ministère en neie Site ze maachen, eisen ass net ganz brillant, muss ech als ehemalegen eLëtzebuerg-Minister soen. Mir sinn amgaang en neie Site ze maachen. Do maache mer dann och Linke mat Legilux. Mä an Zukunft kritt een dann iwwer Legilux den direkten Zougang dozou.

Legilux - also de Service central de Législation, besser gesot - wäert selbstverständlech och eng Partie Pabeierversiounen op de Maart ginn, wéi et eben och elo scho bei anere Publikatiounen de Fall war. Also, do si mer och mat dem Service central de Législation amgaang ze kucken.

An da ginn ech dovunner aus, dass d'Chambres professionnelles, an esou wäit ech op d'mannst d'Chambre des Employés privés kennen, sinn déi schonn amgaang - ech hunn net mat hinne geschwat, mä ech weess awer wéi äerdeg déi sinn -, fir och eege Broschüren ze maachen.

Well da kënnt jo nach eppes Neies: Den Droit, d'Gesetz selwer muss jiddferengem zougänglech sinn. Mä d'Commentairen dozou, wat dat bedeit, och wat d'Jurisprudenz bedeit, dat ass eng intellektuell Aarbecht, déi Auteure maachen. An ech hu mat vill Satisfaktioun festgestallt, dass mëttlerweil - géif ech mengen, well et ass elo nach en neit Buch erauskomm - op d'mannst eng hallef Dosen Auteuren am Droit du Travail schaffen, wat jo och flott ass. Och dat ass eppes, wat eppes Zousätzleches bréngt.

An ech mengen déi, déi och wäerte versichen dat un hir Leit ze bréngen, dat sinn eis Gewerkschaften, déi jo Centre-de-formationen hunn, do wäerten d'Delegéierten dat scho gewuer ginn. Selbstverständlech wäert ech och mat der École supérieur du Travail schwätzen, dass och do esou séier wéi méiglech dat do weidergeet.

(Coups de cloche de la Présidence)

Här President, et sinn zéng Minutten a zwou Sekonne vergaangen. Ech halen elo op. An da wëll ech dem Här Marcel Glesener soen, dass ech dat vun der Sozialcharta mathuelen. Dat ass eng Saach, déi den Aarbechtsminister net eleng ka maachen, mä mir wäerten et op den Ordre du jour vun engem nächste Regierungsconseil setzen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung vun haut de Moien ukomm. De Vote iwwert dëse Projet de loi fënnt haut de Mëtten no der Debatt iwwert d'Antitubaksgesetz statt.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.31 heures)